


Am Virfeld vun eiser Sortie op de Weier vu Freux bei Libramont an der Belsch hat d´Madame déi fir de Site Responsabel ass eis iwwer Mail informéiert dass nach keng Fësch dëst Joer ausgesat gi sinn a mir duerfir kéinten, wa mir wéilten, eis Sortie verleeën oder ausfale loossen. Mir hunn eis du bei der Coupe Patrick Riehl kuerz zesumme gesat an et war séier kloer dass mir awer wollten op Freux fueren zemools wou et an eisem Club jo an éischter Hinsicht dorëms geet ee schéinen Dag zesumme beim Waasser ze verbréngen. Mir haten eis also zu 13 Member op de Wee gemaach a wat soll ech soen et war eng Sortie genee no eisem Goût, och wann net vill Fësch gefaange gi sinn mee eent nom aneren.

Schonn op der Urees, ech hat mech heibäi op mäin Navi verlooss hunn ech nawell vill vun der Géigend ronderëm Freux kenne geléiert, huet mäin Navi mech dach vun enger Ëmleedung an déi nächste gefouert esou dass ech schlussendlech eng véirel Stonn méi laang gebraucht hunn. Ënnerwee sinn nawell ee puer fatzeg Schaueren erof gaange mee zum Gléck si mir awer de ganzen Dag ouni Reen duerch den Dag komm.

Beim Waasser ukomm hu mir mol fir unzefänken dem President gehollef auslueden, den Dag no der Generalversammlung ass jo traditioneller Weis den Dag vum President an do léisst Hien sech et net huelen eis no Stréch a Fuedem ze verwinne mee och dozou spéiderhi méi. Nodeems mir ausgepaakt haten hunn ech mech op de Wee gemaach fir eis Membere ze begréissen déi scho méi fréi ugetruede waren a schonn gefëscht hunn.












Ausser eisem Club waren och nach belsch Fëscher do déi sech direkt een Naachen organiséiert haten an dunn zesummen am hënneschten Deel vum Séi gefëscht hunn. Et war scho komesch dass just do Fësch waren, an och Sie och gefaangen hu, mee loosse mir mol einfach mol festhalen dass Sie sech besser auskannt hunn an duerfir och wousste wo d´Fesch wären. De Sedat hat sech dee leschten Naachen organiséiert a stoung och net wäit ewech vun de Belsch an Hien konnt esou wéinstens ee puer Fësch fänken. Esou vill zu der Fëscherei gesot woubäi mir da bei de wichtege Saache wären.












Ewéi ech scho geschriwwen hat ass den Dag no der Generalversammlung ëmmer dem President säin Dag an och des Kéier huet Hien sech esou munneches afale gelooss fir eis ze verwinnen. Schonn am Laf vun der Woch hat Hien mam Jemp zesummen eis Lënsebulli zoubereet, mee ugefaangen hat et awer bei engem gudde Glas Schampes a Pain surprise an nodeems Hien eis du mat senger excellenter Zopp gesiedegt hat, woubäi Hien hei net mat Mettwurscht gespuert hat, huet Hien eis zu gudder Lescht, Nee net de Kéis gi, mee Hien huet eis mat gudden Taarte vollgestoppt. Jee et hat eis un Näischt gefeelt an, elo kënnt et, d´Mëttespaus huet natierlech ee bëssen méi laang gedauert.

De Site zu Freux huet awer och ee bësse méi ewéi nëmmen de Weier ze bidden ass dach ronderëm de Weier nëmme Bësch mat Spadséierweeër esou dass och fir déi Memberen déi eis begleeden an net fëschen esou munneches gebueden ass zemools elo am Fréijoer wou d´Natur am gaangen ass ze erwächen.








Mee zeréck zum fëschen ewell mir si jo awer ee Fëscher Club. Eis Fëscher hunn et op déi verschiddenst Aart a Weise probéiert, déi Eng hu mat dresche Schnéier an dresche Mécke gefëscht déi Aner mat Sink Schnéier a mam Streamer mee d´Resultat war dat selwecht, mee da war dat dann eben de Moment fir mol nei Schnéier ze probéiere fir ze kucken ewéi déi sech da werfe loossen oder mol ee bësse méi laang mam Fescherkolleg ze poteren. Zeréck behale wëlle mir awer ee flotten Dag a beschter Komerodschaft mat fir eng Kéier mol net vill Fësch, och déi Deeg gehéieren zu eisem Clubliewen dozou a maachen eist Zesummesinn net manner liewenswäert.



Als nächst Sortie steet elo eise Weekend zu Saulxures um Lac de la Moselotte un, hei wäerte mir jo hoffentlech ee bësse méi Chance hu mat de Fësch a wann net sinn ech mir sécher dass och des Sortie net manner gutt verleeft ewéi an der Vergaangenheet zemools wou bei eise Sortien déi ee Weekend daueren een esou richteg entspane kann.